LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Digitalisation

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

REÇU
Par Alff Christian , 08:34, 18/08/2020

Luxembourg, le 17 AOUT 2020

Concerne : Question parlementaire n° 2494 du 7 juillet 2020 de Monsieur le Député Marc Goergen – QR-Code

Monsieur le Ministre,

Par la présente, j'ai l'honneur de vous transmettre ma réponse à la question parlementaire n° 2494 du 7 juillet 2020 de Monsieur le Député Marc Goergen.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Ministre délégué à la Digitalisation

Marc HANSEN

4, rue de la Congrégation
L-1352 Luxembourg
Tél. 247 72100
info@digital.etat.lu
www.digitalisation.lu
www.luxembourg.lu

Äntwert vum Här Delegéierte Minister fir Digitaliséierung op déi parlamentaresch Ufro n°2494 vum Här Deputéierten Marc GOERGEN iwwer de QR-Code.

Wei am Bréif betreffend d'Verdeele vu gratis Masken un d'Bierger geschriwwen, ass dee Courrier, op Grond vun enger Regieringsdecisioun vum 4. Mee 2020, un all Bierger iwwer 16 Joer verschéckt ginn. Beim Code op deem Bréif handelt et sech em eng sougenannten Data Matrix. Dëse Code ass, genau wéi e QR-Code, maschinneliesbar. Vu dass eng Data Matrix en anert Format huet wéi e QR-Code, kann si net vun der GouvCheck App ausgelies ginn an ass och net geduecht fir d'Echtheet vum Dokument ze iwwerpréiwen. D'GouvCheck App erlaabt et jo bekanntlech QR-Coden, déi spezifesch mam GouvCheck-Logo gekennzeechent sinn, ze scannen an esou d'Dokument op seng Echtheet ze préiwen. Dat ass an dësem Bréif fir d'Verdeele vun de Masken net de Fall.

Generell benotzen d'Apakmaschinne vum CTIE en technescht Steierzeechen op Basis vun enger Data Matrix fir kënnen ze determinéiere wéi eng geprinte Blieder zu engem jeeweilegen Envoi gehéieren an déi nämmlecht Enveloppe mussen agepaakt ginn. Ech huelen un dass et sech heibäi em dee Code handelt deen den honorabelen Deputéierten a senger Fro uschwätzt.

Am besote Bréif enthält dëse Code, nieft enger technescher Identifikatioun vum Printjob, en Zäitstempel, eng Identifikatiounsnummer déi all d'Blieder kennzeechent déi zu engem Envoi gehéieren, d'Kennzeechnung vun der éischter Säit déi d'Adress enthält an d'Sequenz vun all Blat am Envoi. Generell hëlleft dëse Code d'Privatsphäre vun de Leit zousätzlech ze schützen, well doduerch eng weider Sécherheet agebaut ass déi Feeler vun den Apakmaschinne soll verhënneren. Dëst hëlleft ze vermeiden dass beispillsweis méi Blieder zesummen an eng Enveloppe gepaakt ginn, an esou eng Persoun ongewollt un Donnéeë vun enger anerer Persoun kéint kommen déi eventuell am Bréif stinn. De CTIE huet dës Data Matrix eenzeg an eleng benotzt fir d'Apaackmaschinn ze steieren an net fir ee Suivi ze maache wien seng Maske siche war a wien net.